Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3478 vum 19. Januar 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fred KEUP iwwert d'"participation luxembourgeoise à la guerre civile d'Espagne"

1. Ginn et an deem Kontext Studien oder Indizien iwwer eng eventuell Participatioun vu Leit aus Lëtzebuerg un deene Krichsverbriechen an Spuenien?

D'Regierung huet keng Indizien iwwert eng eventuell Participatioun vu Leit aus Lëtzebuerg un deene zitéierten Krichsverbriechen a Spuenien.

2. Ass auszeschléissen, datt Leit aus Lëtzebuerg a Brigade waren, déi Krichverbrieche begaangen hunn?

D'Regierung huet keng Informatiounen déi op esou Faiten géifen hindeiten.

3. Net nëmmen op der republikanescher Säit huet een auslännesch Kämpfer fonnt, mä och op der frankistescher Säit hunn dausende Fräiwëlleger aus dem Ausland gekämpft. Ass gewosst ob och Lëtzebuerger op där Säit gekämpft hunn, an wa jo, ware si a Krichsverbriechen involvéiert?

D'Regierung huet keng Informatiounen, datt Lëtzebuerger op der frankistescher Säit gekämpft hunn.